No laange Joren als Member a Mandataire vun der LSAP hunn ech no enger intensiver Iwwerleeungsphase festgestallt, dass et aus politeschen Grënn fir mech konsequent ass, en anere Wee ze goen wéi d'LSAP.

Am Mëttelpunkt vu menger politescher Aarbecht steet de Wonsch effizient ze schaffen, fir Projete an Iddien ëmzesetzen. Dobäi geet et drëms, sech ouni ideologesch abetonéiert Virstellungen fir d'Interesse vun de Leit anzesetzen an am demokratesche Sënn och emol ënnerschiddlech Usiichten ënnert een Hutt ze bréngen. Ideologesch Sturheet hënnert do!

Ech wëll eng Politik, déi keen am Reen stoen léisst, mee awer de Mënsch och net entmëndegt an him seng Eegeninitiativ léisst. Et ass wichteg, jidderengem Méiglechkeeten ze ginn, déi deen eenzelen dann jee no sengen Fäegkeeten notzt. Keng Bevormundung also, mee d'Eegenresponsabilitéit ass fir mech déi wichtegst Prämiss! De Respekt virun dem fräien Individuum, implizéiert och eng fräi Wirtschaft, natierlech am Kader vu legalen a sozialen Regularien.

Haut ass d' LSAP eng aner Partei wéi déi, bei der ech viru gutt 20 Joer Member gi sinn. Dat war eng Vollekspartei vun der gesellschaftlecher Mëtt, mat der ech vläicht net all, mee vill vu mengen Iwwerzeegungen deele konnt. Et war eng Partei, déi d'Wuel vun de Mënschen och an enger vun der sozialer Maartwirtschaft geprägter Gesellschaft gesinn huet. Ech hu mech an der Partei engagéiert, als Member, als Bezirks- a Sektiounspresident an hu si bei de Chamberwalen vertrueden. Déi LSAP, der ech och bei de Gemengewalen e Gesiicht ginn hunn, versicht sech haut verstäerkt mat méi lénker Ideologie duerzestellen. Dat ass der Partei hire Choix an et muss een e respektéieren!

Dat ass awer net déi Politik, fir déi ech mech engagéiert hunn. Net méi Member ze sinn, ass keen einfache Schrëtt, mee fir mech ganz perséinlech, geet et em meng (politesch) Glafwierdegkeet géintiwwer deem, wat ech haut vertrieden a fréier vertrueden hunn. Dëse Schrëtt fält mir och net einfach, wéinst ville gudden Erënnerungen a perséinleche Kontakter aus de leschten Joerzéngten. Ech hunn virun allem d' Kollegialitéit bei der Walfer Sektioun, de Sektiounen aus dem Uelzechtdall, awer och op Bezierksniveau appreciéiert. Ech soen duerfir Merci, wënschen jidderengem och weiderhin vill Gedold a sinn iwwerzeegt, dass mir och an Zukunft e gudde mënschleche Kontakt behalen.

Ech fir mäin Deel wäert an dem selwechten Geescht wéi bis elo an am Respekt virun deenen Leit, déi mech op meng Iddien hi gewielt hunn, mäin politescht Engagement fortféieren.

Alain Weins

*(Gemengerot Walfer zënter 2000, Schäffen vun 2003 – 2017)*